

Charlotte Strasser-Beining  
Conseillère communale  
Fraction DP

MUNNEREF WEIDER  
ZESUMME GESTALTEN



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Section Mondorf-Burmerange

b.p. 10 L-5601  
Mondorf-les-bains  
dpmondorf@gmail.com

[www.mondorfdp.lu](http://www.mondorfdp.lu)

Wa mir dëse Budget kucken, stelle mir fest, dass e mat lwwerleeung, Berechnung a villäicht och mat Virsiicht opgestallt gouf. Dëst natierlech am Sënn vun enger seriöser Finanzpolitik, wéi d'Gemeng Munneref se säit Jore kennt. Ze bemierke bleift, dass mir d'Scholden och dëst Joer weider ofgebaut hunn, mir leie mat enger Pro Kapp Verscholdung vun 495 € ganz déif, an et gëtt jo och keen neien Emprunt 2017 gemaach, genee esou wéi d'Majoritéit dat jo och fir dës Legislaturperiod versprach huet, an trotzdem bleiwen d'Investissementer op engem héijen Niveau, esou wéi mir et jo och an deene leschte Jore gemaach hunn an och ganz vill ëmgesat hunn.

No deem neie Verdeelersschlüssel kritt d'Gemeng iwwer den ICC an den FCDF, déi jo lo regroupéiert gi sinn am neie Fond Global, ronn 11,7 Mio €. Dëst ass eng liicht Baisse, mee d'Gemeng brauch ausserdeem net méi wéi bis elo 1/3 vun de Schoulmeeschtesch Paien am Primäre ze bezuelen. Dat mécht ronn 1,2 Mio € aus. Also ass Munneref bei dëser Gemeengefinanzreform gutt ewechkomm a kritt ronn 1,2 Mio € d'Joer méi.

Eng Gemeng, déi sou wisst wéi Munneref an de leschte Joren, muss natierlech an d'Personal an och an hier Infrastrukturen investéieren, fir d'Liewensqualitéit vun hire Bierger ze erhalen a wa méiglech nach ze verbessern.

Vergläiche mer elo d'ordinär Depense mat den ordinär Recetten, da gesi mir, dass den Ecart am positive Sënn changéiert huet, wat mir an de leschte Jore jo ëmmer an d'A gefaasst hunn, a wéi mer et och ëmmer vun der Finanzkommissioun un d'Häerz geluecht kruten. D'Capacité d'autofinancement vun der Gemeng, verbessert sech also!

Am Extraordinär sinn op der Depense Säit 15,8 Mio € virgesinn.

Munch Projete ginn ofgeschloss, aner verdeele sech op e puer Joer, an anerer ginn ugefaang respektiv ginn endlech un, wie z.B. de Badbëschelchenprojet.

Ma och do ass et wéi bei ville Projeten, hei gouf geschafft a Léisunge fonnt fir d'Aarbechten am Buedem, déi fir d'éischt musse gemaach ginn. Et sinn dëst wéi bei all grouse Projete wichteg Aarbechten, si falen net an d'A, ausser duerch Desavantagen. Fäerdeg realiséiert Projeten, déi ee gesäit falen op a gi bestaunt (oder och kritiséiert).

Charlotte Strasser-Beining  
Conseillère communale  
Fraction DP

MUNNEREF WEIDER  
ZESUMME GESTALTEN



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Section Mondorf-Burmerange

b.p. 10 L-5601  
Mondorf-les-bains  
dpmondorf@gmail.com

[www.mondorfdp.lu](http://www.mondorfdp.lu)

Dobäi gëtt vun de Leit oft vergiess wéi wichteg déi Virbereedungen an d'Infrastrukturen am Buedem sinn. Hei zu Munneref kenne mer frou an houfreg op eise gudden Service technique sinn, deen déi Saachen gutt am Grëff huet.

Kuerz wëll ech awer nach ervirhiewen, dass mer grouss Investissementer an d'Moderniséierung vun eiser Schoul maachen, et ginn nach méi Interaktivtafelen a ganz performant iPad'en ugeschaf fir déi nei Programmer, déi vum Ministère proposéiert ginn.

2.5 Mio € fir d'Acquisitioun vun Biens immobiliers stinn am Budget, also gesäit een, dass vill an den Patrimoine vun eiser Gemeng investéiert gëtt.

Iwwer 4,7 Milliounen € ginn an eiser Gemeng an Infrastrukture gestach, jo mir mussen vill un eise Stroosse schaffen, dat bréngt vill Desavantage mat sech, mee jidderee wëll a muss proppert Drénkwaasser a Gasleitungen hunn. Grad esou wéi et wichteg ass, Reewaasseraxen, Oofwaasserréier an Glasfaser ze installéieren.

Fir de Service technique sinn nei Gefierer ageplangt, en Elektroauto, e Camion a Maschinne gi gebraucht fir nach méi wéi an deene leschte Joren Aarbechten an Eegeregie ze maachen, dat alleng schléit mat 450.000 € zu Buch.

Ech wëll mech haut awer ganz besonnesch mat eisem Patrimoine architectural befaassen, d'Gemeng Munneref huet e Fonds de Réserve vun 1,8 Mio €, ma si huet awer mëttlerweil em déi 30 Gebaier an déi musse natierlech ënnerhal respektiv a Stand gesat ginn an als bon Père de famille versuergt a respektéiert ginn, ëmmer nom Motto: *"Was du ererbt von deinen Vätern, erwirb es um es zu besitzen."*

Et sti fir Etuden déi ufalen, fir déi al Remise an der Lëtzebuurgerstrooss ëmzebauen an domat neie Wunnraum ze schafen, och Suen am Budget.

Net wäit ewech, an der Entrée zu Altwies läit jo lénker Hand e gréissert Areal, wou och wäerte Wunnengen zu engem abordable Präis op Initiativ vun der Gemeng entstoen. Do sinn 80.000 € am Budget virgesinn, fir hei weiderzefueren an schnellst méiglech kennen unzufänken.

Charlotte Strasser-Beining  
Conseillère communale  
Fraction DP

MUNNEREF WEIDER  
ZESUMME GESTALTEN



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Section Mondorf-Burmerange

b.p. 10 L-5601  
Mondorf-les-bains  
dpmondorf@gmail.com

[www.mondorfdp.lu](http://www.mondorfdp.lu)

Direkt déi aner Säit hu mir dann déi 2 Haiser, déi allen 2 an d'Rei gesat goufen, wouvun eent dovun verlount ass, d'WG doniewent fir Jugendlecher. Hei ass och ze bemierken dass mir den 01.01.2017 déi éischt Jugendlech hei wunnen hunn.

De Bau vun der Museksschoul mat Veräinssall zu Altwies geet zügeg virun a mat 2.000.000 € am Budget wäerten déi Aarbechten am Laf vum Joer och fäerdeg ginn.

Fir zu Altwies ze bleiwen, d'Paschtoueschhaus vis-à-vis wou d'Crèche ass, gött permanent ënnerhalen, vill Aarbechten hu misse gemaach ginn fir erëm conforme zum nationale Referenzkader ze sinn, an dëst Joer wäert d'Crèche vun der Gemeng iwweholl ginn.

Zu Elleng hu mir de Veräinsschapp komplett restauréiert, d'Porhaus wat verlount war, muss fir d'eischt komplett a Stand gesat ginn - an do stinn 500.000 € am Budget - wat zum Deel och wäert geschéien an Eegeregie, sou wéi dat bei deene meeschten Haiser de Fall ass, ausser et sti gréisser Aarbechten un déi musse vu speziellen Handwierksbetriber aus der Gemeng ausgeféiert ginn.

Den ale Veräinssall gött vun Art et Création produktiv genotzt an dat ass jo och eng kulturell Beräicherung fir eist Duerf.

De Centre Martialis ass jo zimlech gutt besat an och hei gi bestänneg kleng Reparaturen ausgeféiert. 2017 sinn 30.000 € fir den Daach frësch ze man virgesinn.

Vun deenen 3 Haiser, déi an der rue John Grün 2016 kaaft goufen, muss nach eent an d'Rei gesat gi fir och do soziale Wunnraum ze schafen, och dofir steet eppes am Budget. Déi 2 aner si komplett mat eisen Gemengenaarbechter an d'Rei gesat ginn. Eent dovun ass jo schonns bewunnt vun enger syrescher Famill vun Aleppo, an hei ass ze bemierken, dass déi Leit hiert Haus selwer gutt an der Rei halen. Dobäi wëll ech och deen wierklech bemierkenswäerte Geste ervirhiewen, den déi Leit gemaach hunn, deen Dag nodeems se de Flüchtlingsstatut krut haten. Mueres fréi stoung virun der Gemeng e gerëschtene Chrëschtbeemche mat hire ville Mercien déi si hei ausgedréckt hunn, et ginn also net nëmmen negativ Berichter iwweh d 'Réfugiéë bei eis am Land.

Charlotte Strasser-Beining  
Conseillère communale  
Fraction DP

MUNNEREF WEIDER  
ZESUMME GESTALTEN



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Section Mondorf-Burmerange

b.p. 10 L-5601  
Mondorf-les-bains  
dpmondorf@gmail.com

[www.mondorfdp.lu](http://www.mondorfdp.lu)

D'Demuths Haus ass verlount, hei muss och regelméisseg Kontroll gemaach ginn, an kleng Aarbechten déi ëmmer erëm ufale ginn vun eisen Gemengenaarbechter ausgefouert, dësen Budgetartikel fënnt een awer am ordinären Deel vun eisem Budget erëm.

D'Villa Beissel ass jo komplett a Stand gesat ginn, Fassad, Daach, Fënsteren goufen nei gemat, hei si mer elo fir eng Zäit roueg. D'Haus ass u verschidde Start-up Entreprise verlount, et ass e gewësse Rendement do, zur selwechter Zäit stärke mer aktiv den Entrepreneurship hei zu Munneref.

Direkt derniewent ass e Studio aménagéiert ginn, den och verlount ass, d'Versammlungsraum fir eis verschidden Associatiounen sinn an der Rei.

D'Maison Beissel wou d'Jugendhaus ënnerbruecht ass, huet seng Bestëmmung fonnt, et ass am Moment gutt besicht, et ass funktionell ageriicht a kleng Bricole ginn an Eegeregie oder souguer ënner Mathëllef vun deene Jugendleche gemaach. Hei si 15.000 € virgesi fir d'Entrée dem Concept pédagogique no unzepassen. D'Garagen an d'Remisë vum Komplex Beissel mussen an nächster Zäit eng Kéier a Stand gesat ginn, mir mussen drun denken d'Diech vun deenen Gebaier eng Kéier ze erneieren. Dofir sinn 100.000 € virgesinn fir Etuden ze maachen.

Fir de Musek- a Pompjeesbau mat de Gemengenateliere sinn am Budget 120.000 € virgesi fir och dëst Gebai erëm frësch ze maache grad esou wei hei virgesinn ass der Harmonie eng nei Kichen ze installéieren.

D'Gemeng ass fonkelnei, ma och do ware schonn sougenannte Baumängel un engem Deel vum Daach, déi jo vun der betraffener Firma iwwert d'Garantie, also ouni Zousatzkäschte fir d'Gemeng, behuewe goufen.

Fir de Schoukomplex sinn 100.000 € virgesinn, wou ënner anerem e Sonneschutz an der Maison Relais an en lwwerdaach fir d'Kanner am Schoulhaff virgesi sinn.

D'Maison Relais ass nei, d'Kiche gouf funktionell gestalt an do wäerte mer fir eng Zäit roueg sinn.

Charlotte Strasser-Beining  
Conseillère communale  
Fraction DP

MUNNEREF WEIDER  
ZESUMME GESTALTEN



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Section Mondorf-Burmerange

b.p. 10 L-5601  
Mondorf-les-bains  
dpmondorf@gmail.com

[www.mondorfdp.lu](http://www.mondorfdp.lu)

An der Sportshal goufen nei Luuchten am Dëschtennissall installéiert, aner Aarbechten wéi usträchen, nei Duschen, etc sinn an Eegeregje gemaach ginn, an et sinn 20.000 € virgesinn fir nei Still, an dovunner kann da virun allem d'Amiperas profitéieren bei hire Portes-Ouvertes.

Am Millewee, bei der aler Gemeng hu mir jo virun e puer Woche festgestallt, dass den Dach komplett nei gemat ginn ass, also och hei gesi mir, dass de Locataire sech ëm den Ënnerhalt këmmert.

Wann d'Scouten aus dem Bau lénks eraus geplënnert sinn, muss een och iwweeleeë wéi een des Raim kann nohalteg a funktionell gestalten. Ma si sinn jo lo mol nach eng Zäit hei gutt ënnerbruecht, en attendant, dass de Badbëschelche fäerdeg wäert sinn.

D'Sportsinfrastrukturen an d'Gebaier um Stade John Grün si gutt ënnerhal, dat kascht natierlech eng Staang Geld, wat awer gutt investéiert ass, et brauch een nëmmen déi fréi Schoulnomëtteger dorop kucken ze goen, fir ze gesinn, wéivill Kanner hei trainéieren an eng positiv a gesond Fräizäitbeschäftegung hunn.

De Boulodrome mat der Hal ass fäerdeg, d'Remisë fir d'Gemeng, de Versammlungsraum mat der Kichen sinn am Gang fäerdeg gestallt ze ginn. Hei sinn nach 200.000 € am Budget virgesinn fir och dëse Projet ofzeschleissen.

Eis 3 Kiirchen an d'Synagog sinn a Stand gesat ginn an et ass eis eng Flicht des architektonesch a kulturell Gebaier ze erhalen.

D'Munnerefer Porhaus gëtt vum Har Paschtouer bewunnt a mir wënschen him, dass hien nach laang kann do bleiwen. Dofir hu mer awer am Budget verschidde Renovatiounsaarbechten virgesinn.

D'Maison Schwachtgen, wat jo op 30 Joer verlount ass, gouf vum Locataire komplett renovéiert an hei si mer fir laang Zäit roueg.

An dann ass nach d'Geschäftslokal an der Frantz Clément Strooss am France 2000, deen ass gutt verlount an domat dréit d'Gemeng an enger gewësser Weis zum Beliewen vum Geschäftsliewe bei, wat jo och ganz wichteg ass.

Charlotte Strasser-Beining  
Conseillère communale  
Fraction DP

MUNNEREF WEIDER  
ZESUMME GESTALTEN



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Section Mondorf-Burmerange

b.p. 10 L-5601  
Mondorf-les-bains  
dpmondorf@gmail.com

[www.mondorfdp.lu](http://www.mondorfdp.lu)

Dir gesitt also, dass mir hei e seriösen, wuel iwuerluechten an zukunftsorientéierte Budgetsprojert virun eis leien hunn. Et ass e Budget dee vill Aarbechten an domat och vill Suen an den Beräicher Infrastrukturen, Sozialem an an d'Funktionement vun eiser Gemeng investéiert, also an d'Zukunft vun Munneref.

Ech well op dëser Platz awer nach eisem Sekretariat mat un der Spëtzt dem Claudine Guill, dem Service financier, dem Service technique mam Claude Mathieu an dem Receveur Olivier B o hler Merci fir d'Opstelle vun eisem Budget soen.

Fir ofzeschléissen wënschen ech eis alleguer schéi Feierdeeg an en glécklecht néit (interessant) Joer 2017.